



Groupe parlementaire

N° 7193
Entrée le 16.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.11.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. November 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden mier lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Bausseminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Reegelméisseg liest een an den internationale Medie vun Ausliwwerungen un en auslännesche Justizsystem. Dëst féiert oft zu heftege Reaktiounen a Kontroversen. Fir e Rechtsstaat ass et ëmmer mat politesche Risike verbonnen, wann e Staatsbierger un e Land ausgeliiwert gëtt, dat net onbedéngt fir seng rechtsstaatlech Praktike bekannt ass. Et stellt sech dann ëmmer d'Fro, ob der betreffender Persoun am Land, un dat si ausgeliiwert gëtt, Folter oder aner mënschenonwierdeg Behandlungen drohen, schlëmmstefalls souguer d'Doudesstrof. Heiansdo sinn einfach och d'Prozesskäschten exorbitant héig wat d'Chancen op e faire Prozess reduzéiert.

An deem Kontext hunn mier folgend Froen un d'Regierung:


- 1) Wéi eng Bedéngunge mussen erfëllt sinn, ier Lëtzebuerg e Staatsbierger un en anert Land ausliiwert?
- 2) Wéi gëtt séchergestallt, dass dem Lëtzebuergeschen Staatsbierger am Land, un dat hien ausgeliiwert gëtt, keng Folter oder souguer d'Doudesstrof drot? Wat geschitt, wann d'Gerichtskäschten an d'Affekotekäschten esou héig sinn, dass dee Betreffende keng realistesch Chance op e faire Prozess huet?
- 3) Mat wéi enge Länner huet Lëtzebuerg bilateral Verträge ofgeschloss, wat Ausliwwerungen ugeet? Wéi dacks huet Lëtzebuerg schonn e Lëtzebuergeschen Staatsbierger un en anert Land ausgeliiwert a wéi eng Länner waren dat?
- 4) Wéi verhënnert d'Regierung, dass en ausgeliiwerte Staatsbierger am Land, un dat hien ausgeliiwert gëtt, net wéinst weideren, an der Ausliwwerungsrequête net ernimmt Strofdote verfollegt gëtt bzw. un en Drëttstaat weider ausgeliiwert gëtt?
- 5) Wéi eng Instanz decidéiert zu Lëtzebuerg iwwer déi rechtlech Zoulässegkeet vun der Ausliwwerung?
- 6) Kann d'Regierung confirméieren, dass e Lëtzebuergeschen Staatsbierger, deen aus bestëmmte Grënn net ausgeliiwert gëtt, hei zu Lëtzebuerg wéinst deenen him zur Laascht geluechte Strofdoten ugeklot ka ginn? Wéi oft ass dës Fall an deene leschten zéng Joer applizéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized 'F' followed by a long horizontal stroke that curves upwards at the end.

Fernand Kartheiser, Deputéierten

Roy REDING, Députéierten

A handwritten signature in blue ink, featuring a large, stylized 'R' with a vertical stroke through it, followed by a long horizontal stroke that loops back under the 'R'.